



► **M. Xavier Bettel** (DP).- Als Europäer! Als Europäer!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- Et ass also fir déi Leit, neen, et ass fir déi Leit, déi net aus der Unioun sinn,...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Dat ass falsch!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration*.- ...déi also iwwert dee Wee erakommen. Dat ass deen éischte Punkt.

Deen zweete Punkt ass d'„travel authorization“. D'„travel authorization“ huet näischt mat Libre circulation ze dinn. D'Libre circulation ass eng Geschicht vun Europäer zwëschent Europäer, zwëschent États membres. Mir hunn d'Libre circulation am Schengenraum voll, an déi ass net a Fro gestallt. An déi huet mat engem System vun „entry and exit“ iwwerhaupt näischt ze dinn. Mä doudsécher gi mer net hin a stellen de Prinzip vun der Libre circulation a Fro.

D'„travel authorization“, dat ass eppes, wat et elo a Kanada, an Amerika, an Australien gëtt. Dat ass eigentlech e System, dee soll et méi einfach maachen, d'Visapolitik en œuvre ze setzen, well een eben iwwer Computer elo praktesch dann esou eng Autorisatioun kritt. Dat geet ganz oft gemeinsam mat „visa facilitation“, dat heescht, d'Leit eigentlech vun der Visaflucht entbannen. Mir sollen och fir déi „visa facilitation“, dat heescht, fir d'Entbannung vun der Visaflucht sinn, besonnesch an Europa. Et ass net normal, datt e jonke Serb, wann e wëllt emol Europa, zu deem e gehéiert, entdecken, nach haut e Visa brauch.

Ech hunn héieren, wéi ech um Balkan war, datt déi Leit aus Mazedonien gesot hunn: „Ons Elteren, dat ware Bierger vun der federativer, sozialistescher a jugoslawescher Republik. Déi hu kee Visa gebraucht, fir an d'EU ze kommen. Haut brauch ech e Visa.“

Duerfir ass et natierlech urgent, fir eng ganz Rei Länner vun Visa ze entbannen. Mä op där anerer Säit verstinn ech awer och, datt mer e gewëssenen Iwwerbléck, eng gewësse Sécherheet brauchen. Duerfir musse mer ebe kucken, wéi mer trotz allem besser op ons Baussegrenzen oppassen. Well iwwert déi Baussegrenze geschéien awer och eng ganz Rei Traficen, Trafic d'êtres humains en particulier.

Lescht Wuert, dat ass: Och Visa brauch méi Europa. Mir brauchen de VIS. Leider ass en en retard, mir brauchen deen, mä mir brauche vläicht eng Etapp méi. De Programm vu Stockholm gesäit vir e Visa européen vu Schengen, datt mer wierklech eng gemeinsam Visapolitik kréien. Net eng, fir Europa méi zouzemaachen, mä eng, déi déi europäesch Länner méi no bréngt an eng oppe Politik ka besser organiséieren am Sënn vun der Sécherheet, awer och am Sënn vun der Mobilitéit no bausen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Aarbechts- an Immigrationsminister Merci. An domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss.

Motions

Mir hunn elo dräi Motiounen hei. Do ass u sech eng ganz rasonnabel Proposition vum Här Schiltz gemaach ginn, wou ech och d'Impressioun hunn, datt déi op e grouse Konsensus fält, nämlech, fir déi dräi Motiounen an déi zoustänneg Kommissioun ze ginn.

Ech géif froen, ob ech déi Propositionen hei kann zur Ofstëmmung bréngen.

Den Här Bettel freet d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, ech mengen, d'Chamber ass elo souverän, fir ze kucken, ob se rasonnabel ass oder net. Ob Dir et fannt, dat ass emol scho gutt ze wëssen, mä ech mengen, mir hu mam Här Schiltz och geschwat, an ech mengen, et ass am Intérêt, dass mer och e Konsens virun allem fanne bei esou Dosieren an dass et net hei elo zu Votë kënnt.

Duerfir géife mer dann d'Proposition vum Här Schiltz matdroen, fir dass mer all Motioun, déi mer hei hunn, dat heescht och déi vun der Majoritéit, all Motioun an d'Kommissioun géife renvoyéieren.

► **M. le Président**.- Okay. Do ass just nach eng Formsach: Déi zwou Motiounen vum Här Bettel sinn nëmme bis elo vun engem Member ënnerschrifwen. Dat dierft jo kee Problem sinn.

(Interruption)

Si sinn entre-temps alleguerten ënnerschrifwen?! Dann ass dee Problem och gekläert.

Da wär vläicht nach e leschte Punkt ze klären. Vu datt mer hei dräi Ministeren hatten, si mer eis eens, datt déi dräi Motiounen an d'Commission juridique ginn?

► **Une voix**.- Neen! An déi dräi Kommissiounen.

► **M. le Président**.- Neen, an déi dräi Kommissiounen? Okay.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här President, déi Motioun ginn an déi dräi Kommissiounen, well déi dräi Kommissiounen sech an der Vergaangenheet mat der Fro beschäftegt hunn, an et och gutt ass, dass se dat an Zukunft zesumme maachen.

Ech wollt dat soen, net ouni och de rasonnabele Charakter vum Här Bettel senger leschter Interventioun nach eng kéier ervirgehuewen ze hunn, Här President.

► **Une voix**.- Très bien!

(Brouhaha général)

► **M. le Président**.- Also, et ass eng rasonnabel Proposition, déi kann ech jo da par vote à main levée stëmme loossen.

Vote

Mir sinn also alleguerten d'accord, datt déi dräi Motiounen an déi dräi Kommissiounen ginn?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit ze sinn. Da géif ech lech Merci soen.

Da kéime mer zum leschte Projet de loi vun eisem Ordre du jour vun haut, nämlech de 6035, eng EU-Staten-Deklaratioun iwwert d'Ariane, de Vega an de Soyouz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo den honorable Rapporteur vum Projet de loi, den Här Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

Sommaire de la séance publique N°4

Motion et résolution de Mme Viviane Loschetter relatives au 90^e anniversaire du droit de vote féminin pages 53-54

Question urgente N°212 de M. André Hoffmann au sujet du plan social chez Villeroy&Boch pages 54-55

Heure d'actualité demandée par le groupe déi gréng sur le bilan et les perspectives futures de la participation luxembourgeoise aux efforts de stabilisation et de reconstruction de l'Afghanistan pages 55-59

Dépôt d'une motion par M. Jacques-Yves Henckes page 59

Débat d'orientation sur le programme de Stockholm pages 59-71

6035 - Projet de loi portant approbation de la Déclaration de certains Gouvernements européens relative à la phase d'exploitation des lanceurs Ariane, Vega et Soyouz au Centre spatial guyanais, faite à Paris, le 30 mars 2007 page 71

Ordre du jour page 71

6. 6035 - Projet de loi portant approbation de la Déclaration de certains Gouvernements européens relative à la phase d'exploitation des lanceurs Ariane, Vega et Soyouz au Centre spatial guyanais, faite à Paris, le 30 mars 2007

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hat mäi schréftleche Rapport en détail an der Kommissioun virgestallt, esou dass ech mech hei elo ganz kuerzfaasse kann.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Mat dësem Projet de loi approuvéiere mer eng Deklaratioun, wéi gesot, vu verschiddenen europäesche Regierungen iwwert d'Phase d'exploitation vun de Satellitelanceuren Ariane, Vega a Soyouz am Centre spacial guyanais. Déi ass 2007 gemaach ginn am Mäerz zu Paräis.

Am Intitulé steet dat Wuert Exploitation. Ech wollt dat erklären. Dat ass éischstens d'Fabrikatioun vu Lanceuren, zweetens den Assemblage, drëttens d'Operatioun vun de Lanceuren a véiertens déi ganz Aktivitäten de commercialisation.

Et gëtt eng Déclaration de production vun der Ariane, déi schonn iwwer 20 Joer al ass, déi ass véiermol renouveléiert ginn. An der Zwëschenzäit sinn nei Lanceure bäikomm, méi klenger, de Vega, an och mat de Russen ass en Accord gemaach gi mat Roscomos, fir de Soyouz an d'Ariane kennen ze lancéieren.

Duerch dës Extensioun vun zwee anere Lanceuren huet missen déi Deklaratioun erneiert ginn. Et waren Négociatiounen an d'Resultat ass eben déi Deklaratioun, déi haut hei um Ordre du jour steet. Lëtzebuerg huet décidéiert, do matzemaachen.

Déi Deklaratioun huet véier Objeten, véier Finalitéiten, déi am Rapport nozeliese sinn.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Déi véiert, d'Fro vun der Responsabilitéiten, wann en Dommage bei engem Lancement kënnt, ass ganz interessant och fir Firmae wéi d'SES hei zu Lëtzebuerg.

Wéi gesot, de Statsrot huet d'Genèse retraceiert vun deem ganze Projet an huet och weider keng Äusserunge gemaach. Duerfir géif ech lech recommandéieren, dëse Projet ze stëmme. Meng Fraktioun gëtt op jidde Fall den Accord.

Merci.

► **Une voix**.- Da maache mir dat.

► **Une autre voix**.-Très bien!

► **M. le Président**.- Wéi mer dat vum Här Angel gewinnt sinn, war dat erëm méi wéi komplett, sou datt keen heibannen de Besoin verspiert, fir nach dozou ze schwätzen, och net d'Regierung, sou datt ech géif proposéieren, datt mer direkt géifen zum Vote iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote geet un.

(Interruption)

Ech kommen nach derzou.

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6035 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Norbert Hauptert), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert (par M. Lucien Clement) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Fayot), M. Fernand Diederich (par M. Marc Angel), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Lydia Mutsch), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, M. Roger Negri et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par Mme Lydie Polfer), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen (par M. Claude Meisch), Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz, Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Henri Kox;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass esou décidéiert.

7. Ordre du jour

Ech wollt lech just drop opmierksam maachen, datt mer nach eng Motioun vum Här Henckes hunn, déi géif muer geholl ginn. No der Heure d'actualité géif...

(Interruption)

...doriwwer diskutéiert an ofgestëmmt ginn. Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtteg um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.02 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzeburger Journal, Zeitung vum Lëtzeburger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg